



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Zënter Ufank vum Joer 2020 befanne mir eis an enger aussergewöhnlecher Situatioun. Villes ass geschitt, zënter mir mam Coronavirus konfrontéiert goufen. Et goufe vill Moosnamen ergraff a Restriktioune verhaangen. Dëst zitt leider onfeelbar Konsequenzen no sech. Dës Konsequenze betreffen, ënner anerem, de sozialen an den ekonomesche Volet. Fir vill Betriber ass de Fortbestand ongewëss. Domat stinn natierlech och e ganzen Deel Aarbechtsplazen op der Kipp. Fir déi betraffe Leit ass dëst keng schéin an och keng einfach Situatioun, och wa si während enger bestëmmter Zäit op de Chômage zeréckgräife kënnen.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Aarbechtsminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi weist sech déi aktuell Situatioun vum „normalen“ Chômage, also ouni de Chômage partiel? Géif den Här Minister dësen als stabil bezechnen oder weise sech Tendenzen an déi eng oder aner Richtung? Op wat fir en Zäitraum bezitt sech de Minister hei konkret fir de Verglach ze maachen, an ze soen, datt déi aktuell Situatioun stabil respektiv tendenziell ass?
2. Faillitten an Entloosungen duerch d'Covid-Situatioun, zu deenen et eréischt an e puer Méint oder an engem Joer kënn, sinn net onrealistes an net onméiglech. Rechent d'Regierung mat enger méiglecher Hausse vum Chômage an de kommende Méint oder vläicht an engem Joer? Mat wat fir engem Ausmooss rechent d'Regierung hei?
3. Huet d'Regierung e Konzept fir eng Laangzäitstrategie an dësem Beräich ausgeschafft? Ginn hei eventuell besonnesch Moosnamen an Dispositiounen envisagéiert fir deem entgéintzewierken an déi méiglech Hausse vum Chômage ofzefiederer?
4. Kann den Här Minister eis soen, wéi d'Entwécklung sech a Bezug op Ustellungen an Aarbechtsplaze bis haut an där ganzer Covid-Zäit weist? Ass et an dëser Zäit méi schwéier, fir eng Aarbechtsplaz ze kréie respektiv huet sech hei eng Tendenz gewisen?
5. De Chômage huet ee 6 bis 24 Méint ze gutt, jee no Situatioun, ier een an de REVIS fält. Wat ass mat deene Leit, déi duerch déi ganz Covid-Situatioun keng nei Aarbechtsplaz konnte kréien, ier hiert Recht op Chômage ausgelaf ass? Huet d'Regierung hei eventuell eppes Konkretes virgesinn?

6. Kann den Här Minister eis soen, wéi vill vun de Leit, déi aktuell zu Lëtzebuerg Chômage kréien, Frontaliere sinn a wéi vill Residenten? Wéi hunn dës Zuelen zënter Januar 2020 evoluéiert?
7. Kann den Här Minister eis soen, wéi vill vun de Leit, déi aktuell zu Lëtzebuerg de Chômage partiel kréien, Frontaliere sinn a wéi vill Residenten? Wéi hunn dës Zuelen zënter Mäerz 2020 bis haut vu Mount zu Mount evoluéiert?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten